<u>Zëmmerariichtung</u>

Fleegebett, Nuetsdësch, Miwwel

- Fernseh, Telefon, Internetuschloss, Frigo, Coffre-fort
- Handdicher

<u>Epicerie Alima am Park um Rez-de-Chaussée</u>

Hei fannt Dir eng Auswiel u Liewensmëttel, Schreiw-, Haushalts- an Hygiène-Artikel, Zeitungen a Blummen

Ëffnungszäiten: Méindes – Freides: vun 7:15 bis 18:00 Auer

<u>Coiffure Pia Jost um Rez-de-Chaussée</u>

Op Rendez-vous - Telefonsnummer: 2745 9107

Ëffnungszäiten: Dënschdeg, Mëttwoch, Donneschdeg
vun 9:00 bis 17:30 Auer

Wi-Fi steet Iech an der Brasserie zur Verfügung. De Code kritt Dir an der Rezeptioun.

Duerch ons d'zentral Lag ass onst Haus ganz gutt un den ëffentlechen Transport gebonnen.

Mir hu keng Parkplaze fir Visiteuren. Et stinn awer virun der Haaptentrée (Avenue Emile Reuter) an op der Säit (Boulevard Joseph II) Plazen zur Verfügung, fir eng kuerz Zäit ze stationéiren an eng Persoun ran oder rauszehëllefen oder eppes ze bréngen oder ofzehuelen. Stellt Iech op der Säit vum Boulevard Joseph II no bei d'Ramp, esou datt den Trottoir net blockéiert ass. Anescht riskéiert Dir e Protokoll ze kréien.

Déi noosten ëffentlech Parkplaze sinn:

- Place Churchill (100 m)
- Glacis (200 m)

Owes an um Weekend sti méi Parkplazen am Quartier zur Verfügung.

Version 1.0 - 02/08/2012

STE ELISABETH AM PARK

Ären Openthalt am Vakanzenzëmmer

Informatiounen

Ste Elisabeth am Park
Centre intégré pour personnes âgées

19 avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg

T +352 2745-9000
F +352 2745-8000

seap@elisabeth.lu

www.elisabeth.lu

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg

Wichteg !

D'Reservatioun gëllt fir eng begrenzten, am Kontrakt, beschriwwe Period. Dës ass nëmmen da confirméiert, wa mir de Kontrakt (Conditions de réservations) ënnerschriwwen zeréckgeschéckt kruten an dee festgehalenen Acompte ubezuelt gouf. Aus dësem Grond mussen d'Annulatioune schréftlech an datéiert gemaach ginn.

Well mir eng grouss Unzuel u Vakanzebetter hunn, sinn evtl. Verlängerunge vum Openthalt heiansdo méiglech. Wann Dir Intressi hutt, frot w.e.g. am Verlaf vun Ärem Séjour bei der Administratioun oder Direktioun no.

Entrée: Méindeg bis Freideg ab 15:00 Auer (Ausname mussen am viraus bäi der Reservatioun accordéiert gi sinn)

Sortie: **all Daag bis 11:00 Auer** (Ausname kënnen telefonesch 24 Stonnen am viraus ugefrot ginn)

Mir maachen d'Familljen/Entourage vu Vakanzegäscht drop opmierksam, dat mir eng "*open*" Struktur sinn, an dem Sënn, dat onst Gebai vun alle Bewunner a Gäscht ëmmer ka verlooss ginn. Et sti keng adaptéiert Wunnberäicher fir Persounen, déi duerch eng dementiell Krankheet raimlech desorientiéiert sinn, zur Verfügung.

Dagesbetreiungsgruppen fir desorientéiert Persounen am Haus sinn de Residente virbehal. Plaze stinn do nëmme punktuell a begrenzt zur Verfügung. Dëst muss am viraus bäi der Reservatioun mat der Direktioun oder dem Responsabel vun der Fleeg entscheet ginn.

Är Valise …
Alles dran?

Pabeieren

- ☐ Carte d'identité, Sécurité sociale-Kaart, Caisse chirurgicale-Kaart
- ☐ Medezinesch Ausweiser (Herzschrittmacher, Allergien, Handicap-Kaart fir den Novabus asw.)
- ☐ Ordonnance vu Medikamenter an/oder Behandlungen, déi en cours sinn (Pëllen, Sprëtzen, Blutanalysen, Verbänn, …)!
- ☐ Dokumenter vun der Fleegeversécherung ...
- ☐ Rapport médical ?
- ☐ Handicap-Kaart fir mam Novabus ze fueren ?
- ☐ ……..

Medikamenter an Hëllefsmëttel, déi Dir doheem benotzt

- ☐ **Medikamenter an Behandlungsmaterial (an der Originalverpakung)**
- ☐ Mobilitéitshëllefen: Rollator, Rollstull, Bängel …
- ☐ Antithrombose-Strëmp oder Bandagen
- ☐ Brëll, Hörapparat, Zännprothees, …
- ☐ ……

Kleeder, Hygiène-Artikel, Perséinleches

- ☐ Hygiène-Artikel
- ☐ Privatkleedung, Ënnerwäsch, Strëmp, Schlappen
- ☐ Wecker
- ☐ Adressbichelchen
- ☐ Lecture, Zäitverdreif
- ☐ ……

Participante begrenzt. Dofir mellt Iech fréi genuch am viraus un.

Sécherheet – Wäertsaachen

Bréngt keng Wäertsaachen mat. Dir kënnt déi meeschte Consommatiounen op d'Rechnung schreiwe loossen (Coiffeur, Pédicure, Apdikt, Brasserie, ...).

Wann Dir awer Borgeld braucht, kënnt Dir an der Keess (Rezeptioun) eng Avance kréien. (Mir hu kee Bancomat am Haus). Mir refacturéieren Iech d'Avance (Reçu vum Bewunner ënnerschriwwen) iwwert d'Rechnung. E klenge Coffre-fort, dee mat Schlëssel funktionéiert, ass am Zëmmer.

Sperrt w.e.g. ëmmer Äert Zëmmer zou, wann Dir dëst verloosst.

C. Sortie

Den Dag vun Ärer Sortie bréngt den Infirmier/Infirmière Iech Är Medikamenter zeréck an d'Zëmmer. Wann Dir Ënnerstëtzung braucht fir anzepaken, hëlleft d'Fleegepersonal Iech gären.

Denkt drun dem Infirmier/ Infirmière de Rufsender ze ginn.

D'Schlëssele an d'Tëleecommande kënnt Dir rëm an der Rezeptioun ofginn.

D'Rechnung gëtt no engem ofgeschlossene Mount erstallt an Iech oder der Persoun, déi um Formulaire festgeluegt gouf, zougeschéckt.

A. Admissioun

Mellt Iech w.e.g. den Dag vun der Admissioun an der Rezeptioun un. Si erwaarden Iech ab 15:00 Auer.

Bei der Umeldung an der Rezeptioun gidd Dir d'Identitéitspabeieren gefrot a kritt den Zëmmerschlëssel, Tëleecommande, den aktuelle Menu an en Aktivitéitsplang.

Informéiert d'Rezeptioun, wann Dir fir déi Zäit vun Ärem Openthalt Courrier oder eng Zeitung hei an de CIPA ëmbestallt hutt.

Wann et net bäi der Reservatioun geschitt ass, hannerloosst den Ziedel mat den Nimm vun de Kontaktpersounen an dem Dokter. Dës Donnéeë ginn an onsen elektroneschen Dossier agedroen, sou datt all Aarbechtsberäich informéiert ass.

E Mataarbechter aus der Fleeg begleet Iech an Äert Zëmmer a gëtt Iech Informatioune fir eng besser Orientéierung am Haus.

Am Laf vum Owend kënnt eng Infirmière, fir eng detailléiert Opnahm ze maachen, bäi Iech an d'Zëmmer.

Wann Dir am Verlaf vum Openthalt eng Nuecht oder fir bestëmmte Molzechten net do sidd, informéiert w.e.g. d'Fleegepersonal, aus Sécherheetsgrënn, iwwert Är geplangten Absence.

B. Ären Openthalt

Fleeg a Betreiung

All Vakanzegaascht kritt e *Rufsender (eng Schell).* Drot dësen am beschten ëmmer um Aarm oder bei Iech. E gëtt Iech d'Méiglechkeet e Mataarbechter vun der Fleeg ze ruffen (och nuets). Dës Schell funktionéiert nëmmen **am** Gebai.

Wann Dir raus gitt, (spazéieren, Visiten etc.) kënnt Dir d'Schell vir an der Rezeptioun ofginn.

Grondfleeg

Wann Dir Hëllef bei der Grondfleeg (Iessen, Hygiène oder Mobilitéit) braucht gëtt de Fleegeplang, dee bei der Fleegeversécherung entscheet ass, iwwerholl. Dofir brauch Infirmier/Infirmière genau Informatiounen dodriwwer wouran des Hëllef besteet. Si beschwätzt och mat Iech en eventuelle Fleegeplang, wann (nach) keen definitive Plan de Prise en charge entscheet ass. Dëst erméiglecht onser Équipe eng Fleeg, mat ugepasstener Ënnerstëtzung, ze prestéieren.

Medikamenter a Behandlungsfleeg

Jee no Fleegesituatioun iwwerhëlt ons Infirmerie während Ärem Openthalt d'Gestioun vun Äre Medikamenter. Infirmier/Infirmière schwätzt Iech bäi der Opnam drop un an gëtt Iech dozou Informatiounen. Gidd hir an dem Fall w.e.g. all Medikamenter an all Ordonnance vun Traitementer matt.

Iessen a Gedrénks

Mir hunn eng Plaz an der Salle-à-manger fir Iech reservéiert. D'Service-Personal weist Iech dës, wann Dir déi éischte Kéier fir d'Molzecht an de Restaurant kommt. De Menu ass fir eng Woch festgeluegt. E spezielle Régime kann nëmmen op Ordonnance médical gemaach ginn. Informéiert awer onbedéngt Infirmier/Infirmière bei der Opnahm iwwert Liewensmëttel op déi Dir allergesch reagéiert.

Iessen kann um Buffet rausgesicht ginn, wann Dir Ënnerstëtzung braucht, kritt Dir d'Iessen un den Dësch bruecht. Huelt w.e.g. keng Liewensmëttel, déi verdierwe kënnen, vum Buffet mat op d'Zëmmer. Ons Brasserie ass de ganzen Dag op.

Ären Entourage (Frënn/Familljen) ass häerzlech invitéiert matt Iech ze iessen. Mellt de Besuch w.e.g., bis spéitstens moies 9:00 Auer de selwechten Dag, an der Brasserie un. Mir reservéieren Iech e separaten Dësch. De Präis fir de Menu-Invité fannt Dir op onser Präislëscht.

Wäsch

D'Handdicher sinn am Präis abegraff. Deene Gäscht, déi hir Privatwäsch nach selwer wëllen a kënne maachen, sti Wäschmaschinnen an Trockener zur Verfügung (mat Stongen). Och d'Familljе kënnen op dëse Moyen zeréck gräifen fir de Bewunner hir Wäsch ze maachen. Wann Dir Interessi hutt, wennt Iech w.e.g. un de Chef de service vum Ménage. Si weist an erkläert Iech d'Wäschstatiounen an informéiert Iech iwwert d'Horairen, déi reservéiert si fir d'Vakanzegäscht. Stongen kënnt Dir an der Keess kafen.

Aktivitéiten

Dir kënnt un den Aktivitéiten, Manifestatiounen an Ausflich deelhuelen. Uspriechpartner sinn d'Mataarbechter aus dem Beräich Accueil et Vie Sociale, der Fleeg oder och der Rezeptioun. Fir bestëmmten Aktivitéiten ass d'Zuel vu